Ligue "Ons Jongen"
Comité Central
av. de la Porte-Neuve 9
Luxembourg

Letzeburg, den 12 mai 1948.

Tätegketsbericht vum Central-Comité vun der Ligue
"ONS JONGEN" Letzeburg

Assemblée Générale vum 3o.November 1947

Vertruede waren an deser Assemblée 62 Sectio'nen mat 116 Delege'erten.

Den Zentralcomité war vertrueden durch 7 Memberen.

De Président Arthur Steil huet t'Sötzong em 9 Auer eröffnet an den Delege'ert merci gesot fir hirt zahlreicht Erschengen.

De Komerod Romain Fandel streift t'Schwiregkéten de' t'Ligue ze bewältegen hât a weist drop hin dass des Kris villfach geschâffe gin ass durch t'Interesselosegkét vun onse Memberen an dass eso' guer verschidde Memberen aus der Zentralcomité hu missen durch me'actig Leit ersât gin.

De Secrétaire Général schwetzt dann iwer t'Activite't vum Zentralcomité zenter der leschter Delege'erteversammlong a weist op de' enzel Entrevuen hin mat der Regierong, der Chamber, de Berufsorganisatio'nen a.s.w. de' leider ké Erfolleg hâten.

De Spriecher weist drop hin dass de' 3.Journée "Ons Jongen" net als Protest ge'nt t'Nole'ssegkét vun onse kompetente Leit geduecht sondern ledeglech als stöll Gedenkfeier un ons gefâlen Komeroden. Op ons Manifestatio'n vum 25 Oktober zereckkommend get en e Rapport vun der Entrevue vum 24 Oktober mat onsem Här Staatsminister, des Manifestatio'n war den eklatantesten Beweis vun onser Solidaride't, an de' Ausschreitongen waren nömmen zereckzefe'ern op de provokanten Artikel dén t'Letzeburger Wort de 25.1o.47. publize'ert huet. Delege'ert erneieren durch Acclamatio'n t'Vertrauen an den Zentralcomité.

De Komerod Fandel kent dann ze schwetzen op t'Zo'kunft vun der Ligue an t'Assemblée ass no verschiddenen Diskussio'nen éstemmeg d'accord fir t'Ligue als neutralen an onofhängege Groupe weiderzefe'eren.

De Komerod Arthur Steil get nach e kurze Késbericht a sét dem Comité-Directeur vun der Loterie Nationale merci dass en der Ligue de Verkâf vun de Billeten vun der Tombola Nationale uvertraut huet an op dém Wé gehollef huet fir d'finanziell Situatio'n vun onser Associatio'n zeverbesseren. Et get beschloss ons Activite't am Joer 1947/48 nach zevergre'sseren. an zum Schluss sét de Président de Sectio'nen aus dem Norden merci fir de' Ustrengongen, de' se no der Journée "Ons Jongen" vu Woltz gemach hun. No den Distrikts-an Zentralcomité - Wahlen ass t'Versammlong, öm 12,3o Auer beschloss gin.

=-=-=-=-=-=-=-=-=-=-=-=-

Comité Central vum 6.Dezember 1947.
Ouverture 15 Auer Présidence A. STEIL

1.Journal "Ons Jongen"

Zwé Artikelen fir ons nächst Zeidong gin éstemmeg vum C.C. gutgehésch.

2. Verdélong vun den énzelen Chargen vum neien Central-Comité.

Président : Arthur STEIL
SecrétaireGénéral : Romain FANDEL
Vice-Président : Joseph WOHLFART
Trésorier Général : Paul MEYER
1.Trésorier-adjoint : Alfred WELTER (etc.)

De Komerod Albert BOCHET get charge'ert mat den administrativen Arbechten vum Secrétariat.

3.Kalenner "Ons Jongen"

E Projet vum Komerod Bochet fir e Kalenner erauszegin get éstemmeg vum

Comité-Central vum 3 Januar 1948. -- 14.4o Auer

1.Carte de Priorité

De Projet de loi ausgeschafft vum Här Eugène SCHAUS,Innenminister dén nemmen t'Invaliden vu 4o.1oo o/o favorise'ert get vum C.C. ofgelént an de Komerod FANDEL get charge'ert fir all politesch Parteien onse point-de-vue matzedélen,nämlech 5o o/o fir all Invaliden vun 25-49 %, an 75 % fir all Invaliden vun 5o-1oo%.

2.Entrevue mat de Parteileitongen

Den C.C. décide'ert fir all Parteien schröftlech zo' enger Entrevue ze invite'eren an hinnen gleichzeiteg matzedélen dass hir Antwert an onser Zeitong publize'ert get an dass mir hir Antwert spe'testens an engem Mo'nt erwarden,anerefalls mir et als Refus missten ugesin.

3.Propagandaactio'n

Den C.C. décide'ert fir eng allgemein Propagandaactio'n ze ennerhuelen an de Komerod Wohlfart get charge'ert énzel Sectio'nen opzefuerderen den C.C. den Dâg vun hire Versammlongen matzedélen. T'Riedner gi vum C.C. bestömmt.

4.Caisse

De Komerod Paul MEYER ,Trésorier Général, délt den C.C. mat dass t'Caisse-Bicher" à jour" sin, ausserdén confirme'erten en t'Rentabilite't vun onser Zeidong. Den C.C. charge'ert en fir de Sectio'nen matzedélen dass t'Cotisatio'nen bis spetestens den 29 Februar anzeze'e sin. Fir ons finanziell Situatio'n ze verbesseren décide'ert den C.C. em en émolegen Subsid vun 1oo.oooFrang bei der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte ze bieden. De Secrétaire Général get charge'ert fir dese Bre'f ze schreiwen an e Relevé beizeléen vun der Hellef de'de Krichsvictimen durch Ligue "Ons Jongen" zo'komm sin.

Schluss vun der Sötzong em 17.2o Auer.

Nächst Sötzong Samschdeg den 1o Januar 1948.

Comité Central vum 1o. Januar 1948. 14.45 Auer

Sötzongberichter vum C.C.

T'Berichter vun der Delege'erte-Versammlong vum 3o.November,a vun dénen 3 leschten Comités-Versammlongengin dem C.C. durch de Komerod Romain FANDEL virgeluegt an éstemmeg approuve'ert.

2.Journal "Ons Jongen"

De Komerod Arthur STEIL ass charge'ert en Artikel ze schreiwen iwer t'Carte de Priorité am Sënn vum Mémoire dén vum C.C. ausgeschafft gin ass,

De Komerod Emile GRUBER get charge'ert en Artikel ze schreiwen iwer de Fall Henri Weinand.Den C.C. beto'nt awer dass de Fall Henri Weinand hien nemmen interesse'ert en dém Môss dass des Freistellen t'Realisatio'n vun onser Fuerderongen duerstellt,de' Komeroden ganz oder délweiss vum Militärdengscht ze entbannen de' gezwongen bei de Preisen gedengt hun oder sech lanscht Zwangsrekrute'erong gezunn hun. DenC.C. beschle'sst e rapport iwer partivite't vum service vum Dr. FIXMER,médecin-conseil à l'Office des Dommages-de-Guerre,an onser ze publize'eren mat den Observatio'nen vum C.C. .

3.Carte de Priorité

Den C.C. höllt Kenntnes dervun dass t'Kommunistesch an t'Sozialistesch Partei sech mëndlech d'accord erklärt hun fir onse Mémoire am gre'sst me'gleche Môss ze ennerstetzen .De Groupement Patriotique et Democratique konnten sech nach net festléen an de Standponkt vun der Chröschtlech-Sozialer Vollekspartei ass dem C.C. bis elo nach

net
bekannt. Den C.C. décide'ert fir t'Verhandlongen vun der Chamber an onser Zeidong ze publize'eren.

4. Propagandaactio'n
De Projet d'affiche vum Komerod Joseph WOHLFART get op den Odre du jour vun der nächster Sötzong reporte'ert. (Schluss: 17 Auer)

Comité Central vum 24 Januar 1948 -- 15 Auer.

1. Entrevuen mat de verschiddene politesche Parteien.
Festsetzong vun der stännegor Delegatio'n:
President : Arthur STEIL
Vice-President : Joeseph WOHLFART
Secrétaire-Générale Romain FANDEL
Des Delegatio'n get ofwiessend durch 2 aner Member vum C.C. erweidert.

2. Redactio'nscomité
De Komerod J. WOHLFART verlangt eng direkt Schaffong vun engem Redactio'nscomité an dém mindestens é Member vum C.C. drä vertrueden ass.

3. Parteiversammlongen.
De Konerod A. STEIL get charge'ert fir de Sectio'nen de' ne'deg Directigen matzedélen fir hirt Verhälen an dese Versammlongen ze bestömmen.

4. Opklärongs-a Reorganisatio'nsversammlongen zo'Garnech
De Komerod J. WOHLFART get charge'ert fir Kontact ze huelen mat deser Sectio'n an als Riedner ass den Komerod Josy SCHON bestömmt.

5. Opklärongsversammlong zo'Bissen.
Den C.C. bestömmt als Riedner de Komerod J. WOHLFART
Schluss: 17.20 Auer

( Den C.C. vum 31. Januar 1948 15,10 Auer

1. Correspondance.
Verschiddene Reklamatiounenter betr. ons Opklärongsactio'n gin der Sectio'n DUDELANGE durch de Secrétaire Général zo'gestallt.
Den C.C. erklärt sech d'accord fir de'Protectorat vun Grand Prix Nicky BIDINGER ze iwerhuelen.

2. Propagandaactio'n
Den C.C. décide'ert fir 1500 Affichen drecken ze lössen, de' durch de' enzel Sectio'nen mussen ofgeholl gin.

3. Realisatio'n vun onsem Programm.
De Secrétaire Général propose'ert fir matt alle Jugendorganisatio'nen Pourparleren ze fe'eren. De President an de Vice-President sin sceptesch an dese Projet get duerch Beschloss vum C.C. fâle geloss.

4. Assemblée Générale des Présidents et Secrétaires de la Ligue.
Festléong vum Programm vun deser Versammlong de' op den 1. Februar festgesat ass. De Bureau vun der Ligue get charge'ert fir de' betreffend Sectio'nen vun de Wahlversammlongen a Kenntnes ze setzen. de' bei hinnen stattfannen. De Président get charge'ert fir den Delege'erten de'ne'deg Instructio'n ze gin, an den C.C. décide'ert fir all Sectio'nen e Programm zo'zestellen.

5. Reorganisatio'n vun onser Zeidong.
T'Propositio'n vun Komerod BOCHET fir dénejé'nege vun onse Memberen de' hellefen t'Zuel vun onsen Abonnenten ze vergre'sseren, eng Faveur ze erweiden an e concours mat Preisser ze organise'eren, get éstenneg vum C.C. ugeholl. De President propose'ert t'direkt Schaffong vun engen Redactio'nscomité.
Schluss: 17,15 Auer.

Entrevue mat der Kommunitescher Partei-Ligue "Ons Jongen" 21 Feb. 48.

No der Begre'ssongsusproch vum Komerod A. STEIL gét mat den Delege'erten vun der Kommunistescher Partei de' énzel Ponkten vun onsen Programm duerch. De President verlängt eng Kloer Stellongnahm a beto'nt dass no drei Joer batter Enttäuschongen t'Ligue sech net zefrieden gin mat ausweichenden Entwerten. All énzel Ponkten vun onsem Pro-

- gramm gi guddgehälen vun den Hären vun der kommunistescher Partei an an énzelnen Ponkten gin t'Fuerderongen vun hirer Partei nach iwer ons eraus. Sie erklären sech d'accord fir t'militäresch Deportatio'n mat der ziviler gleichstellen an och gleichme'sseg ze entschiedegen mat dém Virbehalt dé mir ons schon zo' égen gemâch hâten dass politesch Astellong während dem Krich einwandfrei war. Nodém de' zwo' Seiten t'Schwi regkéten durchgângen sin de' sech ons bei desem Kampf nach stellen werden hun de' Hären Delege'ert vun der kommunistescher Partei hiren accord gin fir ons Fuerderongen vöill a ganz ze ennerstetzen. Nodém den C.C. iwer hir Stellongnahm zur Armeefrô gefrôt si gin huet de Généralsecrétaire vun der Ligue erklärt dass mir als neutrale Grupp des Frô net kennte beäntwerten o'ni ons domatt an e politescht Fahrwasser eranzekommen, well t'Armeefrô wär haut zo' enger politescher gin. Zum Schluss sét de Komerod A.STEIL am Numm vum C.C. de Vertrieder vun der kommnistescher Partei merci fir hir positiv Stellongnahm an hofft dass des tatkräfteg Ennerstetzong der Ligue "Ons Jongen och an Zukunft net verluer gét.
(Den détaillerte Bericht kent an ons Zeidong eso'bâl we' mer t'Stellonlong vunalle politesche Parteien veröffentlechen.)

---

Comité Central vum 6.März 1948.

---

T'Rapporten vun den Entrevuen mat de politeschen Parteien gin éstemmeg vum C.C. guddgehésch. de Komerod A. STEIL bet'ont dass den Här Fohrmann vun der Sozialistescher Partei trotz dem formelle Versprieehen vun senger Partei ge'nt t'Indehnisatio'n vun der Perte Salaire fir t'Militärdeporte'ert gestemmt huet. Den C.C. beschle'sst éstemmeg fir direct un t'Directio'n vum P.C.S.L. ze schreiwen an doduerch de' ne'deg Renseignementer anzeze'en.
No der Erledegong vun der Correspondance gét de C.C. iwer zur Resolutio'n mat der Jeunesses Socialistes. De Komerod A. FANDEL huet an senger Egenschaft als Généralsecrétaire vun der Ligue eng nei Resoluti'on ausgeschaft de'éstemmeg vum C.C. guddgehésch get.

---

Entrevue Parti Chrétien-Social Ligue "Ons Jongen" vum 15 März 1948.
Noder Begre'ssongsusprôch huet de Komerod J. WOHLFART t'Wuert ergraff an erklärt dass t'vertrieder vun der Ligue eng éndeiteg Stellongnahm vum P.C.S. verlangen. Den Här Loesch als Vertrieder Vum P.C.S. erklärt dass des Entrevue ledeglech als Fühlungnahm geduecht wär an dass t'Delege'ert vun hirer Partei a kenger Frô sech bannen kennten.
Nodém de Vize - Président matt den Hären vum P.C.S. all Detailer vun onsem Programm durchgânge war huet den Här Tony BIEVER érklärt dass de' eventuell Stellongnahm vun der Ligue zum Krichschiedegesetz bei him kent eragerécht gin. Trotz wiederhuelter Opfuederong vun Vice-Président konnten sech t'Vertrieder vun der C.S.V. net entschle'ssen eng schreflech Stellongnahm ze garante'erten.
Zum Schluss huet de Komerod J.WOHLFART merci gesot fir des Entrevue an der Hoffnong Ausdrock gin eso'schnell we' me'glech eng Schreftlech an eng positiv Stellongnahm vun der Chreschtlech-Sozialer Volekspartei zo'gestallt ze kre'en.

Comité Central vum 20.März 1948.
Den C.C. beoptragt de Secrétaire Général den P.C.S.natzedélen dass t'Ligue als e'schte Prinzip stellt dass t'Militärdeportatio'n mat der ziviler gleichgestallt get. Ausserdém scheckt de Komerod R.FANDEL déer virgenannetr Partei eng Copie vum projet vun der Ligue betreffend Zo'erkennong vun der Carte de Priorité fir t'Krichsinvaliden.

Comité Central vum 14 Februar 1948.
Rapatriement.
De President A. STEIL get e Bericht iwer de' zwo' Réunio'nen vun der Spezialkommissio'n fir de Rapatriement wo' hie ge'nt dat luest Schaffen an der Hemschâfong vun onse Komeroden energesch proteste'ert huet. Entspriechend engem Wonsch vum Comité fir de Rapatriement vun onsen elsässeschen a lothrengeschen Komeroden décide'ert de Comité Central fir ons Memberen durch en Circulaire ze invite'ren t'Expositio'n ze besichen.
Action de propagande.
Den C.C. bestömmt verschidde Memberen fir u verschiddenen Propaganda-versammlongen délzuhuelen.
Contact mat de verschiddenen Parteileitongen.
Den C.C. helt Acte vun der Entwert vum P.C.S. wo' ons matgedélt get dass se decide''ert hun fir hirem Comité directeur onse Mémoire an onse Programm ze ennerbrêden. Den Här Othon DECKER délt ons matt dass hien gewellt ass ons Fuerderongen eso' weit me'glech ze ennerstetzen an den C.C. setzt eng Entrevue mat dem Här DECKER fest op den 18 Februar 1948. Nodém den Här USELDINGER vun der kommunistescher Partei dem Secrétaire-Général mendlech matgedélt huet dass Directio'n Vum P.C.L. d'accord ass fir d'entrevue mam C.C. op den 21. Februar festzesetzen ass desen Daton festgehâlen gin fir des Entrevue.
De Komerod HINTGEN dén aus Gesondhétsrecksichten sei Mandat net oprecht hâle kann get durch éstemmege Beschloss vum C.C. durch de Komerod Jules WINTRINGER ersât. Dese Mandat ass virléfeg nemmen provisoresch a muss duerch de'nächst Assemblée Générale ratifize'ert gin.
Entrevue mat der "Jeunesses Socialistes"
Durch eng telephonesch Ufro vum Secrétaire-Général vun der Jeunesses Socialistes ass eng entrevue festgesât gin op den Daton vun haut um 15,3o Auer.
Schluss vun der Setzong en 15,3o Auer.

---

Entrevue mat der Jeunesses Socialistes-Ligue "Ons Jongen" vum 14Feb.48.
No der Begre'ssongsusprôch vum President vun der Ligue dankt den Här MULLER fir den herzlechen Enpfank. E get der Hoffnong Ausdrock dass, noden de Nationalbüro vun der J.S.L. onse Programm an de gro'ssen Zich gutgehéscht huet, durch des Entrevue t'Me'glechkét geschâft kent gin de' taktesch Möttel ze erwägen fir onse Programm op politeschem Wé ze realise'eren. Dodém de Komerod A. STEIL all Ponkten énzel duerchgângen ass, huet t'J.S.L. sech mat allen Enzelhéten vun onsen Programm d'accord erklärt an hum den C.C. propose'ert fir en Aktio'nsausschoss an t'Liewen ze ruffen dén zum Zweck hätt fir ons gemeinsam Jugendfuerderongen op schnellstem Wé ze réalise'eren a léen dem C.C. eng Resolutio'n zur Stellongnahm vir. Verschidde Vertrieder vun C.C. weisen drop hin dass se net me' beschlossfäheg wieren an de Secrétaire Général beniert dass desen Aktionsausschoss ausschle'sslech op der Basis vum Programm, vun ons Jongen kentzustand kommen. De Généralsecrétaire vun der J.S.L. beniert dass sie selbstverständlech gesennt wiren fir t'parteipolitesch Neutralite't vun der Ligue ze respecte'eren an erklärt sech averstanen fir des Aktio'nsgemeinschaft durch Beitrett vun âner Jugendorganisatio'nen ze erweideren. De Komerod A. STEIL schle't fir den Nationalbüro vun der J.S.L. t'Stellong vum C.C. vun der Ligue "Ons Jongen" eso' bâl we' me'glech matzedélen wo' mat de' e'scht sech d'accord erklären.
(En détaillerten Bericht iwer des Entrevue war an onser Zeidong.

(En détaillerten Bericht iwer des Entrevue war an onser Zeidong.
De' définitiv Verfässong vun der Résolutio'n mat der J.S.L. war an onser Nummer vum 15 März 48 No 5

* * *

No der Erledegong vun der Correspondenz gét den C.C. iwer zun nächste Ponkt.

De ' aktuell Situatio'n vun der Ligue

De President propose'ert eng Assemblée Générale des Délégués a sie get fest gesât op den 4.Abrel 48.

En Artikel dén an onser Zeidong veröffentlecht soll gin an ennert den Titel "Die zweite Verleumdungskampagne gegen "ONS JONGEN" vun Konerod R. FANDEL verfâsst gin ass get éstemmeg vun C.C. approuve'ert. De Secrétaire Général propose'ert auusserdén eng öffentlech Versammlong zu Letzeburg fir den Public t'Enegkét vun der Ligue virun Aen ze fe'eren.

Zum Schluss hellt den C.C. Kenntnes vun enger Informatio'n vun der Association des "Déserteurs-Evadés et Incorporés de Force du Bas-Rhin" de' beschloss hun e Recueil ze publize'eren matt alle Photoen vun de Vermössten aus desem Departement. De Generalsecrétaire get beoptragt 5.000 Exemplairen ze bestellen a gleichzeiteg deser Associatio'n eng vun onse russeschen Zeidongen zo'zeschecken.

** ** ***

* * * * * * * * * * * * * * * * * * * *